



géife mir Piraten och d'Regierung bieten, fir den #Respekt112, mir kënnen et och #Respekt113 nennen, weiderhin ausbauen. Et ass immens wichteg, dass mer de Respekt virun eise Rettungsdéngschter an den nächste Jore weider ervirhiewen. Et ass wichteg, fir ze soen, dass si et sinn, déi d'Liewe retten, a fir hinnen awer och e grouse Merci ze soe fir déi oft Fräizäit a Familljenzäit, déi se opferen, fir déi Leit ze retten. Dofir kann et net sinn, dass si beanträchtegt ginn duerch d'Rebellioun.

An deementspriedend wäerten d'Piraten och hir Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet ginn.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert.

#### Prises de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.**- Merci, Här President. Ech hunn dëse Projet de loi am Numm vun der Regierung d'lescht Joer den 9. Juli deposéiert. Dat ass awer kee Projet, deen eleng am Justizministère ausgeschafft gi wier. Am Géigendeel, deen ass an enker Zesummenaarbecht mam Innenministère, mat der Madamm Bofferding an awer och mat hirem Virgänger am Amt, dem Här Kersch, ausgeschafft ginn, a mat hire Servicer. A si hunn eis och deen néidegen Input ginn, fir eis kloerzemaachen, wéi grouss de Problem méttlerweil zu Lëtzebuerg och ginn ass.

Dofir ass et wichteg, dass bei deem Projet, dee mer haut stëmmen, de Message net nëmmen deen ass, dass mer an Zukunft wëlle penal méi streng virgoen, wa Leit sech un d'Aarbecht vun de Sekuristen erumaachen, fir se ze behënneren, respektiv un d'Sekuriste selwer erumaachen. Mä et geet haaptsächlech fir mech och drëms, e Message erauszeginn, dass et wichteg ass, dass mer am Land eng Kultur weider developpéieren a weider stäerken, déi et erlaabt, dass déi Leit hir Aarbecht kënnen maachen. An déi, déi dat net wëlle verstoen, déi mussen domadder rechnen, dass et och penal Sanktioune gëtt.

Mir haten ufänglech eng aner Approche am Projet de loi virgesinn. Op Urode vum Statsrot ... Et war net direkt vum CSV, Här Roth, et war de Statsrot ouni „h“, dee suggeréiert huet, op en anere Wee ze goen. D'CSV huet sech deem ugeschloss. D'Majoritéit huet sech an der Kommissioun dem Avis vum Statsrot och ugeschloss, fir op e bëssen en anere Wee ze goen, näamlech dee vun der Rebellioun.

Mä ech kann dat, wat den Här Roth gesot huet, nëmmen ënnersträichen. D'Rebellioun ass eppes, wat duerch genuch Jurisprudenzen hei zu Lëtzebuerg definéiert ass. Dat huet eng kloer a präzis Bedeitung. Et ass net alles, wat ee sech ka virstellen u Stéierendem, och dofir automatesch eng Rebellioun am Sënn vum Code pénal. Dat huet säi präzise Sënn. An dofir fannen ech och, dass déi Ureegung, fir och ze dokumentéieren a weiderzeginn, wat genee d'Etendue ass vun der Infraktioun vun der Rebellioun, dass dat eng gutt Iddi ass.

Ech bleiwen och nach ëmmer e bëssen am Zweifel, ob dee Wee, op dee mer elo ginn, wirklech nëmme Virdeeler huet. En huet mat Sécherheet eng Rei Virdeeler. Déi hu mer an der Kommissioun diskutéiert. Déi aner Approche, déi doranner bestanen hätt, am Artikel 410-2 vum Code pénal en Alinea bäizeflecken, hätt och eng Rei Avantagé gehat.

Et hätt och eng Rei manner Exigenze gehat, contrairement zu deem, wat mer haut maache mat der Rebellioun, an hätt eigentlech d'Non-assistance à personne en danger och ausgeweit op déi, déi anerer dovunner ofhalen, de Leit, déi Assistenz brauchen, och déi Assistenz zoukommen ze loossen, mat vläicht manner contraignanten Exigenze wéi déi vun der Rebellioun, déi duerch d'Jurisprudenz präzis beschriwwen ass. Et ass also net esou, datt dat eent eng schlecht Iddi gewiescht wier an dat hei elo eng, déi nëmme gutt wier. Béides hätt seng Avantagé gehat, och déi aner Optioun.

Mä ech mengen, d'Haaptsaach ass, dass mer haut kloer dokumentéieren als Regierung, an d'Chamber och duerch hire Vott, dass mer do net wëllen duerch d'Fangere kucken, dass mer déi Saachen do esecht huelen an nach méi esecht huelen a wirklech déi mussen schützen, déi Hëllef leeschten, an och déi, déi Hëllef brauchen.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Justizministesch. An dann d'Madamm Innenminister.

(*Hilarité et brouhaha*)

► **M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.**- Dat huet den Avantage, dass mer d'Quot verbessert hunn.

(*Hilarité*)

► **Une voix.**- En huet et selwer net gemierkt.

(*Interruption*)

► **Mme Taina Bofferding, *Ministre de l'Intérieur*.**- Hien ass der Zäit scho virus. Gutt!

► **Une voix.**- Se gläiche sech ...

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Madamm Innenministesch, loosst lech elo net duercherneerbréngen.

(*Hilarité*)

► **Mme Taina Bofferding, *Ministre de l'Intérieur*.**- Jo, wéi soll ... Gutt! Als Éischt wëll ech nach der Rapportrice Merci soen an och allegueren de Riedner an da selbstverständlech dem Justizminister fir déi gutt Zesummenaarbecht bei der Ausschaffung vun dësem Projet de loi.

Här President, Gewalt an eiser Gesellschaft, egal ob verbal, physisch, an de soziale Medien oder ganz real am Bistro, Gewalt ass ni eng Léisung. Besonnesch Aggressiounen géint Persounen, déi am Déngscht vun der Allgemengheet stinn, ob se elo eng Uniform un hunn oder net, esou e Verhalen dierfe mer ni toleréieren. Dogéint, ob elo beruflech oder duerch säi fräiwëllegt Engagement, wien ebe senge Matmënsche wëllt hëllefen, dat par contre, dat bréngt eis Gesellschaft weider a mécht se ëmmer nees e Stéck méi gerecht a méi solidaresch.

Eis Rettungsdéngschter hu vill Leit, Meedercher, Jongen, Fraen a Männer, déi sech all Dag fir hir Matmënschen engagéieren an dat eben aus Iwwerzeegung an och mat ganz vill Engagement an och mat Härz maachen.

Ech hat d'Chance, säit mengem Mandat als Ministesch an deene leschte Méint ebe ganz vill Pompjeeë kennenzéieren, perséinlech kennenzéieren, a war ëmmer erëm beandrockt vun deem perséinlechen Engagement, dat se hei bréngen. An dofir mécht et mech ëmsou méi rosa, an ech mengen, do schwätzen ech fir eis allegueren heibannen, wann da grad déi Leit, déi sech jo engagéieren, déi am Asaz sinn, fir anere Leit an Nout ze hëllefen, wann da grad dës Leit aggresséiert ginn oder, eben nach schlëmmer, herno selwer Affer vu Gewalt ginn a bei hirer Aarbecht behënnert ginn, déi se eigentlech sollte maachen.

Ech hat rezent nach eng Kéier beim CGDIS nogefrot, well och virdrunner scho Chiffere genannt gi sinn. Ech hat de Moien nach eng Kéier nogefrot, an et ass effektiv esou, dass d'lescht Joer offiziell 63 Fäll gemellt gi sinn. Fir dëst Joer sinn et der 9. D'Prozedur, an dat huet d'Rapportrice och virdrunner scho gesot, ass nach relativ nei an dofir kann een effektiv nach vun enger méi héijer Donkelziffer ausgoen.

Wann et awer zu esou engem Fall kënnt, an dat wëll ech och nach eng Kéier ganz kloer betounen, da bitt de CGDIS selbstverständlech eng medezinesch, eng psychologisch an och juristesche Hëllef fir d'Affer un. Iwwregens goufen et d'lescht Joer véier Plainten, wouvunner der zwou da viru Geriicht plädéiert gi sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Politik muss op esou Mëschten opmierksam maachen, muss reagéieren! An dat huet d'Politik och gemaach! D'Politik huet reagéiert, engersäits duerch déi Sensibiliséierungscampagne fir d'Bevëlkerung, och déi ass virdrunner scho genannt ginn, den #Respekt112, an anersäits eben och duerch de Projet de loi, also d'Ofännerung vum Code pénal, déi Der haut da wäert stëmmen, fir dass eben an Zukunft d'Aggressiounen géint Persounen aus de Service-de-seoursen dann och méi haart bestrooft kënnen ginn.

An deem Kontext wëll ech awer och nach drop hiweisen, dass et wichteg ass, dass mer och an der Präventioun nach weider Efforte maachen an eis nach weider investéieren: ebe Präventioun an och de richtegen Émgang, mat Gewaltsituatiounen ëmgoen. An dofir leeën ech och ganz vill Wäert op d'Courseen am Beräich vun der Deseskalatioun, spezifesch fir d'Membere vun de Rettungsdéngschter, an awer och, wéi scho virdru gesot ginn ass, op d'Sensibiliséierungscampagnen, fir d'Leit allegueren dobaussen doriwwer opzeklären.

An ech kann och berouegen, dass d'Campagne, eben den #Respekt112, wäert weider lancéiert ginn. Mir notzen natierlech haut de Vott, fir eben eis Campagne nach weider kënnen ze féieren a fir domadder d'Leit nach kënnen weider drop opmierksam ze maachen.

Dëst gesot, wëll ech just nach eng Kéier drop hiweisen, dass et wichteg ass, dass mer déi Gesetzesännerung hei maachen. Mir brauche méi streng Strofen, ebe grad fir déi éiweg Onverbesserlech. A virun allem brauche mer dës Strofen, fir eis Leit am Asaz ze schützen.

Et soll heeschen: Null Toleranz géigeniwwer esou engem Verhalen, géigeniwwer Aggressiounen vun de Pompjeeën. Ech mengen, dat gëtt haut mam Vott nach wesentlech méi daitlech wéi et schonn ass. An dofir wëll ech der Chamber mäi Merci ausschwätzen, dass Der dat maacht. An ech profitéieren dann och nach vun der Geleeënheet, fir all deene Leit Merci ze soen, déi sech all Dag fir eis engagéieren an do sinn, fir dann an Nout ze hëllefen, wann et drop ukënnt.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Innenministesch. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7340. Den Text steet am Document parlementaire 7340<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7340 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

#### 8. 7351 - Projet de loi relative à l'accessibilité des sites internet et des applications mobiles des organismes du secteur public

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 7351 iwwert den Zougang zu Internetsitten a mobilen Appen aus den éffentleche Secteuren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, d'Madamm Lydia Mutsch, den Här Marc Hansen, den Här Roy Reding an den Här Marc Goergen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

#### Rapport de la Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications

► **M. Eugène Berger (DP), *rapporteur*.**- Merci, Här President. Wann een den Titel vum Projet de loi liest, da geet rieds vun Internet/App. Et kann een also dovunner ausgoen, datt et en techesche Projet ass. Dat ass et sécherlech och, mä dëse Projet ass awer och nach vill méi:

Et ass an éischter Linn a virun allem e Projet am Sënn vun der Inklusioun vun all de Bierger an eis nei, modern Gesellschaft. Mir liewen näamlech an enger Gesellschaft, déi een ëmmer méi kann als digital Informationsgesellschaft bezeichnen. Emmer méi ginn d'Informatiounen, d'Norichten, d'Matdeelungen, déi all d'Bierger concernéieren, nach just iwwert den Internet zougänglech, dee lues a lues de Pabeier verdrängt respektiv komplett ofléist.

An ech mengen, eis Suerg muss et sinn, datt duerch déi digital Technologien net eng Rei vu Matbierger ausgeschloss ginn oder an hirem Recht, an hire Méiglechkeeten op Informatiounen ageschränkt ginn.

Wat mer also hei maachen, ass ee Projet de loi, wou mer och eng Direktiv ëmsetzen an natio-

naalt Recht mam Zil, fir d'Accessibilitéit vun den Internetsitten an Appe vun éffentlechen - éffentlechen! - Organisme fir all Bierger, och fir Bierger mat Handicap, sief dat e kierperlechen oder e kognitiven Handicap, ze garantéieren. Also d'Recht op Informatioun, e fundamentaalt Recht an eiser Gesellschaft, gëtt eigentlech hei un déi nei, digital Informationsgesellschaft ugepasst.

Ech mengen, wou fënnt een essenziell wichteg éffentlech Informatiounen, Matdeelungen, Norichten, Avisen? Dat ass eben hautdesdaags ëmmer ... Ben, dat ass also bei de Ministère, den Internetsitte vun de Ministère, den Internetsitte vu Verwaltungen, den Internetsitte vun de Gemengen an esou weider.

Dat ass jo och eppes, wat mer fërderen, wat mer jo allegueren och wëllen. Et steet och am Koalitiounsaccord, datt mer weider kucken, fir wirklech allegueren déi éffentlech Verwaltungen kënnen digital opstellen. Op där anerer Säit muss mer dann awer och derfir suergen, datt den Accès, d'Verstoe vun deenen Informatiounen vun den éffentleche Verwaltungen fir jiddwereen zougänglech muss gemaach ginn.

Ech mengen, nodeems d'Regierung d'lescht Joer schonn déi däitsch Gebärdesprooch offiziell unerkannt huet, hu mer eis och am neien ..., oder huet d'Regierung sech an hirem neie Koalitiounsaccord ganz daitlech fir d'Inklusioun an d'Gläichberechtigung vun alle Bierger ausgeschwat. A mat dësem Gesetz - et ass effektiv och eng Direktiv, déi mer voll droen - gëtt e weidere wichtige Schrëtt gemaach am Beräich eben hei dann net nëmmen einfach vun der Inklusioun, mä och vun der digitaler Inklusioun.

Ech ginn net op de ganze Projet an, vläicht just e puer Detailer, fir ze präziséieren:

Et ass esou, datt all éffentlech Organismen, dat heescht souwuel Verwaltungen vum Stat, de Gemengen, awer och Organismes de droit public, dann elo hir Internetsäiten an och mobil Appen/Aplikatiounen esou gestalte mussen, datt se konform si mat enger Rei vu präzis Normen vum Accessibilitéit. Dat sinn Normen, déi net mir hei zu Lëtzebuerg eleng hunn oder hei erfionnt hunn, mä dat sinn Normen, déi vun der EU virgi ginn, ausgeschafft gi sinn.

Konkret heescht dat, datt all Inhalt op engem Site esou duergestallt soll ginn, datt Leit mat engem Handicap, engem kierperlechen oder engem kognitiven Handicap, kënnen op eng, ech soen emol, alternativ Aart a Weis Zougang zu der digitaler Informatioun kréien.

E Beispill: Generell hu mer jo - dat ass d'Quintessenz vum Digitalen, kéint ee scho bal soen - Informatiounen op eng visuell Manéier duergestallt. Dat ass entweder d'Schrëft oder d'Bild. Mir hunn och eng Rei Leit an der Gesellschaft, déi net gutt gesinn, déi vläicht guer net gesinn. An et muss een also kucken, datt also och déi Informatiounen, och wa se elo digital sinn, trotzdem esou verschafft ginn, datt se awer och fir déi Leit accessibel sinn.

Wéi kann dat dann hei geschéien? Dat ass, datt een zum Beispill eng Audioversioun huet, wann een do en Text huet. Et si Leit, déi dat also net kënnen liesen, well se net gesinn, datt se dann awer eng Audioversioun hunn, datt si se dann awer kënnen lauschen. Oder et sinn och Leit, déi ganz schlecht gesinn, och mat Brëll, datt een also och eng Versioun mécht, wou een dann d'Schrëft ka méi grouss maachen, fir datt d'Leit dat kënnen kucken.

An anersäits ginn et och Situatiounen, wou Leit net gutt héieren oder guer net héieren. Et huet een awer och dann um Internet zum Beispill Videoen, wou Saachen erkläert ginn, datt een also dann och muss kucken zum Beispill bei esou Videoen, wann dat de Fall ass bei éffentleche Verwaltungen, datt een do dann Ënnertitele virgesäit, fir datt déi Leit dat awer da kënnen liesen.

Wat och nei ass, dat ass de Gebrauch vun der sougenannter „leichte Sprache“ op Däitsch oder „licht Sprooch“ op Lëtzebuergesch. Konkret heescht dat, datt jo ganz oft administrativ Texter relativ komplex geschriwwen sinn, an déi mussen och heiansdo esou geschriwwen sinn, well et dann, ech soen emol, e Paraphrasage ass vun engem Gesetz an esou weider. An heiansdo huet och souguer den Normalbierger da Schwierigkeeten, se ze verstoen, well en net an deem Langage dran ass. An et ass also och esou, datt dann eben och Versiounen mussen proposéiert, presentéiert ginn, fir datt dat also och fir jiddweree liicht ze verstoen ass, fir datt dat och fir Leit, déi vläicht net déi eng oder aner Sprooch perfekt beherrschen, ze verstoen ass.

Ech mengen, et gëtt jo och schonn déi eng oder aner Parteien, déi zum Beispill hir Wahlprogrammer oder hir Internetsitte schonn esou mat „leichter Sprache“ och presentéieren.





Bon, zu deenen allgemengen Obligatiounen ginn et och verschidden Ausnamen. Ausname bestätege bekannterweis d'Regel. Zum Beispill d'Schoulen, déi brauchen nëmmen Informatiounen, déi fir den administrative Fonctionnement wichteg sinn, un déi Normen ze adaptéieren. Wann zum Beispill eng Schoul elo Texter huet vun de Schüler oder soss Produktiounen, mussen déi natierlech net alleguerten dann och do ugepasst ginn. Mä déi administrativ wichteg Informatiounen, déi mussen awer eben dann adaptéiert ginn.

Och Live-Iwwerdroungen - en anert Beispill -, déi mussen net onbedéngt konform zu där Direktiv sinn. Stellt Iech vir, dat ass d'Schwiegerkeet - fir Leit, déi eben Ennertitele bräichen -, dat ass schwierig bei enger Live-Iwwerdroung, fir ganz schnell dann all déi Ennertitelen do mussen dohinnerzemaachen en temps réel.

Et ass och esou, et ginn heiansdo - et fält mer elo net direkt e Beispill an - awer emol Handicappen, wat ganz spezifesch Behënnerunge sinn, wou et wierklech méi schwierig ass, fir awer do kënnen eng Solutioun ze fannen um Internet, wou eigentlech den Opwand demesuréiert an disproportional wier. Dat heescht, do kann een dann och Ausname froen. Dat muss een dann awer och no ganz kloer Kritären umellen.

Ech mengen, dat ass och méi generell, also d'Verwaltungen mussen eng Deklaratioun verëffentlechen, wou se soen, awéi se dann do konform sinn zu där Direktiv an och zum Gesetz, a wa se eventuell eppes net gemaach hunn, firwat dat esou e Fall ass. Do kucke se dann awer, iergendwéi aner Alternativen trotzdeem unzëbidden, zum Beispill, datt een awer nach kann drop hiweisen, datt een eng speziell, ech soen elo emol, Telefonsnummer kann urufen, fir datt Leit, déi net gesinn, dann awer iwwer Telefon déi Informatiounen nach kéinte kréien.

Bon, ech ginn elo net weider op all méiglech Cas de figure an, op all Detail an. Vläch awer nach eppes aneres Wichteges hei an deem Projet de loi: Et gëtt eng Kontrollinstanz designéiert. Dat ass de SIP, de Service information et presse. Dee gëtt chargéiert, fir d'Konformitéit vun den ëffentleche Sitten ze iwwerpréiwen an ze kontrolléieren, och eventuell ze kucken, wann esou Ausname gemaach ginn, ob dat da berechtigt ass. An natierlech ass et wichteg, an dat ass dann och eng nei Missioun vum SIP, fir eben ze sensibiliséieren, d'Verwaltungen ze beroden, ze ënnerstëtzen, fir hir Sitten esou wäit wéi méiglech fir jiddwereen zougänglech ze maachen, och fir Leit mat deem engen oder aneren Handicap.

Vu datt een natierlech och den eenzelne Verwaltungen awer muss Zäit ginn, fir sech ëmstellen op déi nei Dispositiounen, si verschidden Delaie virgesinn. Dat ass esou, datt d'Sitten, déi virum 23. September 2018 schonn online waren, bis den 23. September 2020 Zäit hunn, fir konform ze sinn. An da Sitten, déi nom 23. September 2018 online gaange sinn, déi hu bis den 23. September 2019, also dëst Joer, Zäit, fir sech un déi Ufuerderungen ze adaptéieren. A bei den Appen ass den Delai den 23. Juni 2021.

Voilà, dat sinn e puer wichteg Elementer. Soss zum Projet de loi, do hate mer den Avis vum Statsrot, deen e puer Oppositionen formelles hat, wou mer awer keng gréisser Schwierigkeiten hatten, fir deem entgéintzekommen. An op alle Fall sinn ech frou, datt ech elo deen Text hei konnt presentéieren.

An ech géif an engems d'Geleeënheet notzen, fir den Accord vun der DP-Fraktioun zu deem gudden Text ze ginn, dee wierklech e wichtige Schrëtt ass am Sënn vun der Inklusioun an eis digital Informatiounsgesellschaft.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Berger. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Diane Aehm agedroen. Madamm Aehm, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **Mme Diane Aehm (CSV).** - Jo, Merci, Här President. Fir d'Éischt wéilt ech dem Rapporteur, dem Här Eugène Berger, villmools Merci soe fir säi Rapport. Et ass, wéi hie richteg gesot huet, e Rapport, deen e bësse méi technesch ass, mä et ass awer e Projet de loi, deen eis ganz wichteg ass.

Et ass e Projet de loi, deen eng europäesch Direktiv ëmsetzt. Et muss ee wëssen, dass bis elo op europäeschem Niveau eng ganz Partie Initiative grad an deem heite Beräich vun den elektronische Medie geholl gi sinn, fir déi méi accessibel ze maache fir de breede Publikum dobaussen. A mat där Direktiv vun 2016, déi mer haut hei ëmsetzen, gëtt eigentlech dat Ganz op europäeschem Niveau harmoniséiert,

an zwar esou, dass jiddwereen, all Bierger hei am Land, elo en Accès huet op ëffentlech Informatiounen, déi op Internetsitten an op sougenannten Appe virhande sinn.

Ech wéilt an deem Zesummenhang eng kéier ganz kuerz just op den Avis vun der Chambre des Salariés agoen, well dat war elo net esou richteg am Rapport erauskomm gewiescht, an ech géif dat gär eng kéier ënnerstëtzen, wat d'Chambre des Salariés seet. Si weist nämlech op déi Leit hin, déi net onbedéngt en Accès op elektronesch Medien hunn. Et stëmmt, dass mer ganz vill maachen, fir d'elektronesch Medien hei weiderzedreiwen, mä et ginn awer ëmmer nach eng Partie Leit hei am Land, déi keen Accès op déi Medien hunn, sief et aus finanzielle Grënn oder sief et eben och ganz einfach aus Grënn wéi eben dem Alter, wou Leit iwwerholl gi vun den elektronische Medien, déi mer haut hunn, an et net méi ronnkréien, fir an eiser rapider Entwécklung matzëgoen.

A grad fir déi Leit ass et wichteg, dass se déi Informatiounen awer och nach op anere Plaze fannen. An deem Zesummenhang géif ech och nach gären eng kéier drop hiweisen, dass d'Chambre des Salariés ënnerstrach huet, dass een d'Coordonnéee vun de Responsabelen an de Verwaltungen, an de Ministären an esou weider, och nach iergendwou eng kéier soll public maachen, fir dass d'Leit awer nach wëssen, mat wem se schwätze kënnen.

Ech weess, dass dat an de leschte Jore ganz vill gemaach ginn ass. Et si wierklech immens vill Effort gemaach ginn, fir déi Coordinnéee vun de Leit weiderzeginn. Mä et soll een dat net vergiessen.

Ofschléissend wéilt ech just soen, dass mir als CSV d'Strategie „Digital Lëtzebuerg“ ënnerstëtzen an dass mir duerfir selbstverständlech deen heite Projet de loi matstëmme wäerten.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Aehm. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Merci, Här President. Genée wéi all aner national Parlamentar si mir hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi regelméisseg saisiéiert mat Projet-de-loien, déi am Gesamtberäich Digitaliséierung ze situéieren sinn. Do geet et meeschtens ëm d'Ausdeenung vun der Offer, souwuel fir d'Privatpersounen wéi och fir d'Entreprises, an dorëm, eis och als Land optimal opstellen. Émsou méi wichteg fannen ech et, dass et haut bei deem Projet de loi ëm d'Fro geet, ob och jiddwereen déi nämlech Méiglechkeeten an déi nämlech Chancen huet, fir en Zougang zu där Offer ze kréien.

Mir wësse ganz kloer, an dat ass och hei zu Lëtzebuerg net anescht, dass dat net de Fall ass, dass also Mënschen opgrond vun hire physischen oder sensorielle oder kognitive Prädispositiounen net ëmmer déi nämlech Méiglechkeeten oder Chancen oder Startbedéngungen hunn, fir en Accès zu den Informatiounen oder technesche Méiglechkeeten ze kréien. Dofir ass et ganz wichteg, dass mer an deem Projet de loi déi Dispositiounen, déi virleien, och als Lëtzeburger ëmsetzen an domadder och ausdrécken, dass mir keen op der Streck wëlle loossen an dass Digitaliséierung fir eis och heescht, dass jiddwereen déi nämlech Chance soll hunn, fir dovunner ze profitéieren.

An dofir kann ech gudde Gewëssens den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi mat op de Wee ginn.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Mutsch. An da wär et um honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Hansen (déi gréng).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och vu mir aus e grouse Merci un den Eugène Berger fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. déi gréng begrëissen all Initiativ, déi a Richtung Inklusioun vu behënnerter Persounen an eiser Gesellschaft geet. Dat heescht, dass eis Gesellschaft op ass fir Diversitéit, wou net deen Einzelne sech muss upassen, fir kënnen deelzehuelen, mä wou jidderee mat senger Fäegkeete wäertvoll ass a wou d'Gesellschaft als solch sollt eng onkomplizéiert an ondiskriminatoresch Participatioun vun all Einzelne méiglech maachen.

Eist Zil ass deemno eng tolerant Gesellschaft nom Prinzipium „design for all“, eng Gesellschaft, wou jiddereen ouni individuell Upassung oder besonnesch Assistenz ka barrièrefräi liewen. Duerfir begrëissen ech et och aus-

drécklech, dass d'Familjen- an Integratiounsministesch Corinne Cahen de 26. Mäerz anoncéiert huet, dass deen neien nationalen Aktionsplang fir d'Ëmsetzung vun der Behënnerterrechtskonventioun vun der UNO fir 2019-2024, dee participativ ausgeschafft gëtt, weider konkret Mesurë wäert enthalen, fir d'Situatioun vun de behënnerter Matbierger ze verbesseren, an dass an alle Beräicher hir Participatioun soll promouvéiert ginn. All Ministère soll a sengem Kompetenzberäich konkret Mesuren ergreifen.

Am Artikel 9 vun der UN-Behënnerterrechtskonventioun geet et ëm d'gläichberechtigt Accessibilitéit vun de behënnerter Persounen: engersäits ëm d'Accessibilitéit vu Gebaier, Stroossen, Transportmëttelen an esou weider - dese Beräich gëtt am Projet de loi 7346 behandelt, deen nach um Instanzewee ass - an anersäits ëm d'Accessibilitéit vun Informatiouns-, Kommunikatiouns- an aneren Déngschter, wou och déi elektronesch drënnerfale, déi am Projet de loi 7351 traitéiert ginn, dee mer haut zum Vott virleien hunn.

Här President, e Liewen ouni Internet kënnen mer eis haut guer net méi virstellen. D'Tendenz ass, dass ëmmer méi ëffentlech Servicer online ugebuede ginn. Et ass awer esou, dass net jiddereen deeselwechten Zougang zum Internet huet. Engersäits gëtt et Leit, déi keen Zougang hunn zu informateschem Material, well se sech et net leeschte kënnen oder den Ëmgang domadder net beherrschen, wéi zum Beispill vill eeler Leit. Dëst ass net den Thema vun haut, mä et ass awer wichteg, esou vill wéi méiglech Leit ze hëllefen, Zougang zum Internet ze kréien, a gläichzäitig awer och offline respektiv Net-Internet-Alternativen oprechtzëerhalen, déi ouni Diskriminatioun kënnen genotzt ginn.

Firwat betounen ech dat, dass Online- an Offlineservicer ouni Diskriminatioun musse kënnen genotzt ginn? Majo, well et eben eng Rëtsch Plaze gëtt, wou dat net de Fall ass, esou zum Beispill bei Bankfrais, wann een amplaz per Online Banking seng Operatiounen nëmme kann oder wëllt am Guichet maachen. Dat ass fir mech e wichtige Punkt.

Haut geet et beim virleien Gesetzesprojet awer speziell ëm d'Verbesserung vun Informatiounszougang op Internetsäite vun ëffentlechen Organisme fir Leit, déi duerch eng Behënnerung ënner Émstänn keen oder zumindest kee vollwäertegen Accès zu deenen ëffentlech-rechtliche Biergerinformatiounssäiten hunn.

Duerfir ass et e wichtige Schrëtt fir eis Biergerinnen a Bierger, dass mat deem Gesetz de barrièrefräien Zougang am Internet am ëffentleche Beräich verbessert gëtt an esou Leit mat enger Behënnerung e besseren Zougang zu ëffentlechen Déngschter an Internetsäiten erméiglecht kréien.

Ënnert dëst Gesetz falen déi ëffentlech Websäiten an och hir Appen. Ëmmer méi Servicer an Informatiounen si per Smartphone oder Tablet iwwer Appen accessibel a ginn och vu behënnerter Persounen ëmmer méi genotzt. Et ass also immens wichteg, dass mer hei elo och verbindlech Regele fir barrièrefräi Appen erloossen.

Et fält allerdéngs op, dass eng sëllege Deroatioun geschafft gi sinn. D'Angscht war, dass et duerch ze héich Ufuerderungen zu enger Reduzéierung vun den ëffentlechen Online-Inhalter an -déngschter kéint kommen, wat en negativen Impakt fir all d'Biergerinnen a Bierger gehat hätt an net zu méi Barrièrefräiheet gefouert hätt.

Nieft de klassischen Internetsäiten huet an de leschte Jore virun allem de Contenu op de sougenannte soziale Medie rasant zougehol. Déi sinn awer bis haut wesentlech manner accessibel fir behënnerter Leit wéi klassesch Websäiten. Duerfir ass et mir wichteg ze betounen, dass an Zukunft déi betreffen ëffentlech Institutiounen an Organisme hire Contenu op de soziale Medie och all méiglechst barrièrefräi gestalten an diffuséieren. Am Sënn vun der Direktiv 2016/2102, déi mer haut ëmsetzen, géif dat dann heeschen, dass zum Beispill d'Videon all sollten - am Idealfall méisproocheg - ënnertitelt ginn.

Ech sinn der Meenung, dass dëst Gesetz e Schrëtt an déi richteg Richtung ass, fir den Online-Informatiounszougang zu de Websäiten an Applikatiounen fir behënnerter Persounen ze verbesseren, a ginn domat och den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Hansen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Ech ka mengem Kolleg Hansen vun deene Grëngen nëmme recht ginn. An och mir si fir Inklusioun an ondiskriminatoresch Parti-

patioun. Dat hei ass e gudden Text. Eis Kollegen Mutsch huet gesot: „Kee soll op der Streck bleiwen.“ An dat ass ganz richteg.

Mir stëmmen deen Text, well mer fannen, datt all Handicap soll Rechnung gedroe ginn.

Ech gi just ze bedenken, datt Inklusioun och mat Sprooch ze dinn huet: Et ass e veritabele Skandal, wann haut gewëssen ëffentlech-rechtlech Websäiten, notament déi vun der Stad Lëtzebuerg, just op Franséisch sinn, wat vill Lëtzeburger net gutt beherrschen, déi Anglofon ganz sécher net.

Mir bretzen eis ëmmer domat, datt mer esou e multikulturelle Stat sinn, datt 50 % vun eisen Awunner keng Lëtzeburger sinn. Mä kommt, mir kommen och eisen engleschsproochige Kolleegen entgéint!

Bei allem Respekt fir all Mënsch, deen en Handicap huet an deem soll gehollef ginn - an duerfir stëmme mer dëst Gesetz -, sollte mer och deene Leit hëllefen, déi ganz einfach déi franséisch Sprooch net beherrschen. Dat schéngt mer eng absolutt Evidenz.

An duerfir fanne mir als ADR, datt sämtlech ëffentlech Websäite sollten an alleréischter Linn och op Lëtzebuergesch sinn an an zweeter Linn sech och un all déi Awunner vun eise Land richten, déi net frankophon sinn, sief et däitsch-, sief et engleschsproocheger oder anerer.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Reding. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Piraten soe scho säit Laangem, dass de fräien Accès zum Internet e Grondrecht duerstelle soll. Fir dem Recht op Informatioun a Kommunikatioun am Beräich vum Internet gerecht ze ginn, geet et einfach net duer, just e puer ëffentlech Computeren opzestellen, déi en Internetzougang hunn. Neen, mir gi méi wäit. Mir fuerderen, dass de Wi-Fi am ganze Land gratis gëtt, well an deem Fall huet een och emol den Accès op dat, wat mer haut entscheiden.

An neen, wann ee vun engem fräien Internet fir jidderee schwätzt, da muss een och derfir suergen, dass den theoretesch zwar disponibelen Internetzougang och praktesch accessibel ass. Do fänt et vun der Leitung bis zum Tarif un, fir iwwerhaupt emol kënnen deen Internet mat ze benotzen.

Deen hei thematiséierte Projet de loi ass heibäi deen éischte kleng Schrëtt an déi richteg Richtung. Vill ëffentlech Internetsäite sinn aktuell schlecht programmiert oder mobil net richteg ofzerufen. D'Chance, am Beräich vun der Inklusioun wierklech eppes ze woen, ass vun der Regierung net ergraff ginn, well den Uwendungsbereich vum Gesetz aus finanzielle Grënn méiglechst klenggehal ginn ass. Am Fall vun disproportionalen Ausgabe mussen déi am Gesetz festgehalene Regeln nämlech net applizéiert ginn. An den Ae vun de Piraten ass dat en Hohn vis-à-vis vun all Persoun mat enger Beanträchtegung. Wéi kann iergendeng finanziell Ausgab disproportional zum perséinleche Gewinn sinn, deen eng Persoun erlieft, déi sech och eemol selbststänneg informéieren wëllt?

Mir bedauern och, dass d'Crëchen oder vergläichbar Strukturen, déi eng zentral Bedeitung am Liewe vun allen Elteren a Kanner hunn, ob mat oder ouni Beanträchtegung, gréisstendeels vum Projet ausgeschloss goufen.

Mir begrëissen, dass d'Regierung op de Wee geet vun den digitalen Appen, wellen awer och dorop opmierksam maachen, dass een aktuell - fir keng Nimm ze nennen - bei deenen zwee Groussen immens vill Date muss hannerleeën, an deementspriedend och Bezueméiglechkeeten. Do fuerdere mer d'Regierung op, fir d'Appen esou ze gestalten, dass ee se och kritt, ouni iwwert déi Storen ze goen a soumat net deene grouse Giganten ausgelievert ass.

Trotz deem Gesot wäerten d'Piraten dese Projet matstëmme, an der Hoffnung, dass nach e méi ëmfassende Gesetzesprojet folge wäert.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Goergen. Leschte Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Merci, Här President. Ech wëll just eng Präzisioun ginn. Den Här Reding huet eppes gesot, dat kann ech net an der Loft hei stoe loossen. Iergendwéi huet en net gutt opgepasst am Gemengrot vun der Gemeng Lëtzebuerg. En ass och





souwisou net regelméisseg do a meeschtens ni bis zum Schluss.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Aha!

(*Interruption*)

► **Mme Simone Beissel (DP).**- Mir hunn an dem Kader vun de Budgetsdebatte ganz kloer gesot - an Dir wësst, d'Gemeng ass ganz grouss -, dass momentan d'Texter alleguerten op Franséisch sinn, a mir sinn amgaangen, e ganze Programm auszeschaffen, ...

(*Interruption par M. Roy Reding*)

► **M. Eugène Berger (DP).**- Lauschtert!

► **Mme Simone Beissel (DP).**- ... fir dat do alles an déi dräi aner gängeg Sproochen, déi zu Lëtzebuerg gebraucht ginn, ze iwwersetzen. An ech kann dat net soen: (veuillez lire : An ech kann dat net guttheeschen, wann) Dir schwätzt vun engem Skandal vun der Gemeng Lëtzebuerg! Lauschtert léiwer besser no!

Merci, Här Reding.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Beissel. D'Regierung huet d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Xavier Bettel, Ministre de la Digitalisation.**- Här President, pardon, wann ech hei vläicht eppes soen, wat deem engen oder deem aneren net gefält, mä mir schwätzen elo hei net vu Leit, déi déi eng oder déi aner Sprooch net verstinn. Mir schwätze vu Leit, déi am Moment iwwerhaupt keen Accès hunn. Mir schwätze vu Leit, déi am Moment duerch eng Barrière iwwerhaupt net zu deenen Informatiounen kommen.

An ech muss lech soen, dass ech et traureg fannen, dass mer elo doriwwer eng Debatt maachen, op wéi enger Sprooch et ass, wa mer iwwer Leit schwätzen, déi iwwerhaupt keen Accès zu verschiddenen Informatiounen hunn.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

(*Interruption*)

► **M. Xavier Bettel, Ministre de la Digitalisation.**- Ech wëll och der Madamm Adehm Merci soen. Ech wëll selbstverständlech dem Rapporteur, dem Här Berger, prioritairement Merci soen, mä och der Madamm Adehm Merci soen, ...

(*Exclamations*)

... dass déi gréissten Oppositionspartei hei déi Initiativ „Digital Lëtzebuerg“, wou och deen heite Punkt drasteet, ënnerstëtzt. Et ass am Interêt vun ons alleguerten, dass mer am digitale Beräich weider vir un der Spëtzt si vun deenen europäesche Länner, déi probéieren, ob dat d'Infrastrukture sinn, mä och d'Accessibilitéit, kënne Virreider ze sinn.

Déi viiregt Regierung huet Aarbecht gelescht, déi et erlaabt, dass haut vum Point de vue Infrastrukture villes do ass. Mä mir musse garantéieren, dass d'Leit och en Accès dozou kréien. An dofir ass déi Transpositioun vun dëser Direktiv wichteg.

An dofir wëll ech och der gréisster Oppositionspartei Merci soe fir déi konstruktiv Punkten, déi se och hei ervirgehuewen huet.

Ech soen och deenen anere Riedner Merci, dass se d'Wuert ergraff hunn an och dëse Projet wäerten ënnerstëtzen, well am Fong ass en egalitären Accès, Här President, zu effentlechen Dëngschter wichteg fir eng gläichberechtegt Gesellschaft. An déi wënschen ech mer hei zu Lëtzebuerg all Dag méi no uneneenzebréngen, fir dass déi Inegalitéiten, déi et hautdesdaags gëtt, well verschidde Leit eben net, iwwerhaupt net zu engem Accès kommen, gläich zur Geschicht gehéieren an dass mer en Accès kréien, elo bei den effentlechen Dëngschter, wou mer eng Interpretation large gemaach hunn.

Dir wësst, dass d'Gemengen, d'Crëchen et cetera - eng Rëtsch vun anere Punkten - och deen doten Effort musse maachen, well - den Här Hansen vun deene Grénge huet et och zitéiert - mer déi UNO-Konventioun elo zu Lëtzebuerg wäerten och transposéieren an eben déi Efforten och maachen. Et ass héich Zäit! Wann een an engem Land verschidde Leit ausschléisst vu verschiddenen Accessibilitéiten, vu verschiddenen Informatiounen, hunn ech e Problem, Premier ze sinn. An dowéinst sinn ech frou, dass do déi lescht Zäit och vill Efforten an dësem Beräich gemaach gi sinn.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Diskussion ass ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7351. Den Text steet am Document parlementaire 7351<sup>8</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7351 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7351 ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;*

*MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. François Benoy), MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;*

*MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

## 9. Question élargie n° 10 de M. Marco Schank relative à la construction et à l'exploitation d'une centrale d'énergie dans la zone industrielle Eselborn/Lentzweiler

Als leschte Punkt vun eiseem Ordre du jour hu mer haut eng erweidert Fro Nummer 10 vum Här Marco Schank iwwert de Bau an d'Exploitation vun enger Energiezentral an der Industriezon zu Eeselbuer bei Lentzweiler. Ech widderhuelen, datt den Auteur vun der Fro fënnf Minutten Zäit huet, fir seng Haaptfro an, no der Äntwert vum Minister, seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou.

Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marco Schank (CSV).**- Här President, ursprénglech wollt mäi Fraktiounskolleeg Emile Eicher dës Question élargie haut de Mëtte stellen. D'Conférence des Présidents huet awer de leschten Donneschdeg decidéiert, dat géng net, well en Interessekonflikt géif bestoen. Mir als Fraktioun sinn der Meenung, datt dat absolut net esou ass, a mir wäerten och in Kürze dorop zrëckkommen.

Zum Fong vu menger Fro: Den interkommunale Syndikat vum Clierfer Kanton SICLER ass am Februar 2017 vun der Firma Tarkett kontaktéiert ginn, fir eng sougenannt Trigenationsanlag zu Lentzweiler an der Zone d'activité opzerichten, deemno eng Fabrik, déi aus Biomass Stroum, Hëtzt a Keelt mécht.

Tarkett selwer produzéiert Buedembeleg, a si wëllen an deenen nächste Joren hiert Wierk staark moderniséieren a sichen och no alternativen Energiequellen, wat jo am Prinzip och ze begrësse wier.

Dës Trigenationsanlag soll mat mannerwäertegem an onbehandeltem Holz aus der Region fonctionnéieren an de Bedarf vun Tarkett ofdecken. Dës Anlag soll op hirem Site vun der Firma Engie gebaut an exploitéiert ginn. De SICLER huet am Fong och direkt drop higewisen, datt do keng Plaz fir Lagercapacitéite géif iwwreg bléifen an datt en och net wëlles hätt, weider Camionen ze toleréieren, déi stonne-laang, souguer ganz Weekender, d'Stroosse blockéieren.

Am Februar d'lescht Joer krut de SICLER dunn eng offiziell Demande d'implantation, fir eng Cogeneration um Site vun Tarkett ze bauen. Doropshin huet de SICLER, wéi bei allen Investitiounsprojeten, en Avis vum Ministère de l'Économie gefrot, wou bis ewell nach keng Äntwert kouw.

Am Hierscht d'lescht Joer huet d'Bedreiwergesellschaft e Kommodo ugefrot, wou et awer nëmmen ëm eng Trigenation goug. Déi zwou concernéiert Gemengen, Wëntger a Clierf, hunn en Avis négatif geschriwwen, well eng ganz Rei vun Donnéeën aus dem Kommodo net ze erfëlle wieren.

De 15. Januar dëst Joer huet Engie dem SICLER erkläert, datt si nach eng Pelletsfabrik bräichten, fir eng besser Auslaaschtung an hirer Energieproduktioun ze erreechen, fir esou och d'Konditiounen ze erfëllen, fir an de Genoss vu substatziellen Aiden ze kommen. Dës Pelletsfabrik mat Lagercapacitéite géif op engem Terrain vun zwee Hektar gebaut ginn, deen awer an der Zone verte läit, also och nach muss ëmklasséiert ginn.

Wat den Terrain ugeet, ass de Projet deemno elo ëm dat Véierfacht gewuess. D'Kommodosprozedur beschränkt sech iwwregens just op d'Trigenationsanlag. Kee Wuert iwwer eng Pelletsfabrik!

Et stelle sech eng Partie Froen: Firwat ass de Kommodo net komplett iwwert déi ganz Investitioun ugefrot ginn? Schwätze mer nach vum selwechte Projet, deen ufanks nëmme fir d'Besoin vun Tarkett geplangt war? Eng Pelletsproduktioun bedeit jo dann och zousätzlechen Transport, wa fir d'Verbrennung eleng schonns 80.000 Tonnen Holz pro Joer gebraucht géife ginn, wat eng 3.400 Camion-remorqué géif entsprechen. Wivill zousätzlecht Holz kënnt dann elo nach derbäi fir déi Pelletsproduktioun? Wou soll dat Holz hierkommen? A wat fir Holzqualitéite sinn dat? Schwaachholz, Offallholz aus Recyclingzentren oder aus der Industrie? Wie kontrolléiert dës Holzqualitéit, respektiv wéi dacks a wéi? A misst de Begrëff Biomass an där Kommodosprozedur net méi daitlech definéiert ginn?

Engie huet och zouginn, datt se misste wäit iwwert d'Grenze vun eiseem Land dës Biomass siche furen. Et geet rieds vun engem Ëmkrees vun 200 Kilometer. Dozou wollt ech froen: Gëtt et statistesch Donnéeën iwwert d'Produktioun vun nowuessendem Holz pro Joer an dësem Radius? Ass dat iwwerhaupt disponibel? Kann een nach vun nohalteger Forstwirtschaft schwätze respektiv gëtt et Berechnungen zur Energiebilanz, wann esou grouss Quantitéiten Holz Honnerte vu Kilometer transportéiert ginn? A wär et net méi sënnavoll, nëmmen Holz am direkten Ëmfeld ze notzen?

An dann eng ganz wichteg Fro, wou ech gären eng Äntwert hätt: Huet Engie Zousoen oder Engagementer vusäite vun der Regierung kritt? A wa jo, wéi gesinn déi aus?

Här President, d'Biergerinitiativ „Gesond liewen“ mécht sech awer virun allem Suergen iwwert d'Schuedstoffemissiounen wéi Feinstaub, Dioxinen, PAKen, VOCen, also flüchtig organesch Verbindungen, Kuelemonoxid a virun allem awer och iwwert de Kaméidi vun der Turbinn. Stëmmt hir Ausso, datt d'Holzverbrennung 145-mol méi en héije Stébsausstouss huet wéi beispillsweis Gasverfeierung? A wa jo, wat fir Mesurë missten da geholl ginn, fir dat ze reduzéieren?

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Schank. D'Regierung huet d'Wuert.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Här President, Dir Dammen an Härden Deputéiert, wat d'Fro vum honorabelen Deputéierte Marco Schank ugeet, déi, wéi hie richteg sot, ursprénglech eigentlech vum Här Emile Eicher gestallt gouf, wëll ech einfach soen, dass ech mengen, dass d'Chamber net d'Plaz ass fir eng Diskussioun tëschent Gemengen oder engem Syndikat an der Regierung an dass se och net kann d'Plaz sinn, fir a lafend Autorisationsprozeduren anzegräifen. An ech fannen et schued, dass mer elo erëm iwwer en eenzelne Betrib hei an der Chamber schwätzen.

(*Interruption*)

Wann et awer elo ëm d'Fro vum honorabelen Deputéierte Marco Schank geet, esou ass et e Betrib, dee sech an enger regionaler Gewerbezon etabléiert, an der Gewerbezon Eeselbuer/Lentzweiler. An et ass dem regionale Syndikat, dem SICLER, deen a sech alleng Propriétaire vun den Terrainen an dëser Zone d'activité ass, fräigestallt ze decidéieren, ob en engem, deen eng Demande stellt, fir e Betrib do ze maachen, eng Erlaabnis gëtt. An et ass och d'Decisioun vum SICLER, fir ze soen, ob e gewëllt ass, engem Terrain ze iwwerloossen. Dat just, fir de Kader ze setzen.

Elo kommen ech zu menge Kompetenzen als Ëmweltministesch. Mir ass à ce stade - an dat wëll ech ganz kloer soen - kee Volet an der Zone verte bekannt, dat ass deen éischte Punkt. Déi gesetzlech Prozeduren am Ëmweltberäich sinn insgesamt do, fir derfir ze suergen,

dass a sech d'Ëmweltnormen, a besonnesch an dësem Fall d'Grenzwärter, wat d'Emissionen ugeet, agehale ginn. An zurzäit ass et esou, dass mer an engem Kommodo sinn. Hei muss een och soen: Et ass eng Gewerbezon, wou mer nach kee Gesamtkommodo fir déi gesamt Zon hunn. Dofir ass et nëmme vu Betrib zu Betrib, wou mer kucken.

An deene leschte Joren huet meng Verwaltung, an dat wëll ech awer och soen, zesumme mat dem SICLER, zesumme mat de Gemengeresponsabelen, vill Efforte gemaach, fir op deem Site de Suegre vun de Bierger, sief et iwwert d'Gerichtsbelaschtung, sief et iwwert d'Emissionen, Rechnung ze droen. An et gouf eben och op dem Niveau vun de Firmen agefuert, dass si sech deenen neisten Technolgien, den „meilleures techniques disponibles“, ënnerwerfen an och moderniséieren.

Wat elo dëse Betrib ugeet, deen am Zentrum vun dëser Fro steet, wëll ech just soen, dass am Géigesaz zu deem, wat an der Fro drasteet, mir eppes virleien hunn, wou et ëm natierlecht Holz geet, net ëm d'Verbrenne vun Decheten. Bei mir ass och kee Volet Pellets à ce stade offiziell ugefrot ginn. An als Regierungsmember wëll ech awer zu engem lafende Geneemungsverfahre soss näischt soen, wéi Är Froen ze beäntweren, an dat war eben dee Volet, wat do gemaach géif ginn.

Ech iwwerginn domadder mengem Kolleeg aus der Regierung, dem Claude Turmes, d'Wuert, fir op den zweete Volet vun Äre Froen ze äntweren.

Merci.

► **M. Roy Reding (ADR).**- De President iwwergëtt d'Wuert, net de Minister.

► **Une voix.**- Oh!!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Wuert huet den Energieminister, den Här Claude Turmes.

► **M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie.**- Här President, léif Deputéiert, wat ass d'Kompetenz vum Energieminister? Oder a wéi enger Hisiicht betrëfft déi Fro den Energieministère? Hei geet et jo drëm: Mir hunn e Projet vun enger grousser Holzhackschnitzelanlag vun 20 Megawatt, nieft enger Industrie, déi haut 40 Megawatt Gas notzt. Dat heescht en gros: Wann dee Projet den Normen entsprecht, géife mer iwwert dee Projet hei ganz vill CO<sub>2</sub> aspueuren, well mer jo Gas, iwwer 2.000 Kilometer oder méi transportéiert mat engem klimaschiedlechen CO<sub>2</sub>-Ausstouss, géifen ersetzen duerch eng erneierbar Energie.

Et gëtt dann Aiden. Déi eng Aide ass e Règlement grand-ducal aus dem Joer 2011 (veuillez lire: en ofgeännerte Règlement grand-ducal aus dem Joer 2014). Wann een erneierbar Energien, an zu deene gehéiert och Holz, notzt, fir Stroum ze produzéieren, da kann ee pro Kilowattstonn produzéiert Elektresch eng gewëssen Hëllefstellung kréien, pro Kilowattstonn. A fir dass Holzverfeierungsanlagen hei am Land ëmmer mat deem beschränkeleche Wierkungsgrad kommen, gëtt et och nach eng Primm, fir d'Hëtzt ze notzen.

An hei schwätze mer vun enger „Trigenation“, dat heescht, dass Stroum gemaach gëtt, Wärmt gemaach gëtt a Keelt. Dat heescht, dat ass eigentlech perspektivesch eng ganz gutt Effizienz, déi dann do géif geholl ginn, fir dat Holz ze notzen.

Also gëtt et déi Aide - déi ass aus engem Règlement grand-ducal vun 2014 -, pro Kilowattstonn, déi herno hiergestallt gëtt. An da gëtt et eng zweet, an dat ass eng Aide d'investissement, déi dee Betrib ugefrot huet bei der Ekonomie.

Den Dossier war beim Étienne Schneider. An der leschter Regierung war et esou, dass d'Aiden am Beräich och vun der Energie bei de Betriber eng exklusiv Kompetenz vum Ekonomiesministère, vum Étienne Schneider, waren. An dëser Regierung hu mer eng gedeelte Kompetenz tëscht der Ekonomie an der Energie, wat déi Aiden ubelaangt. Dee Betrib huet en Dossier agerecht, an déi Kommissioun, déi zoustänneg ass fir déi Aiden, huet deem Betrib och gesot: „Wann Der dat esou an esou maacht, da kënnt Der Aidé kréien.“

An deem Règlement grand-ducal vun 2014 - ech mengen, dat war eng Regierung, do war de Marco Schank Ëmweltminister -, an deem Règlement grand-ducal steet näischt zur Provenance vum Holz. Also kann een do gesetzlech, op alle Fall esou, wéi de Règlement grand-ducal haut ass, och net intervenéieren. Do, wou déi lescht Regierung scho méi fortschrittlech war an där Hisiicht, dat ass an der Bähëllef fir d'direkt Investitioun vun deem Betrib. Do ass e Saz dran: „provenance du bois durable“, a mir sinn amgaangen, mam Betrib ze kucken, fir dat dann uerdentlech ze definéieren an och duerno ze kontrolléieren.

Ech soen lech Merci.